N°2990
Entrée le 27.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2990 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Kann de Bildungsminister dëse Fall vun Antisemitismus bestätegen?**

Ech ka bestätegen, datt et zu engem Virfall an enger Grondschoul komm ass. Den Ausléiser dovu war e Sträit tëschent de Kanner wéinst der Notzung vun enger Schaukel. An deem Zesummenhang sinn Äusserunge gemaach ginn, déi als diskriminatoresch gewäert musse ginn. Et ass direkt mat alle concernéierte Schüler, déi an de Sträitfall implizéiert waren, esouwéi mat hiren Eltere geschwat ginn. Dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend war et wichteg, kloerzestellen, datt kee Kand opgrond vu senger Hierkonft oder senger Relioun dierf diskriminéiert ginn.

2. **Wéi sécher si Schüler israeelescher an/oder jiddescher Hierkonft aktuell zu Lëtzebuerg?**

Mir liewen, grad hei zu Lëtzebuerg, an enger multikultureller Gesellschaft. Dëst spigelt sech selbstverständlech och an de Schoulen erëm. Et ass an dësem Zesummenhang eng vun de Prioritéiten an eise Schoulen, datt d'Schüler léieren, datt si en Deel vun dëser Gesellschaft sinn an datt si déi entspriechend zentral Wäerter vermëttelt kréien, déi en harmonescht Zesummeliewen erméiglechen. Dës Wäerter ginn ënner anerem am éischten Artikel vun der *Loi modifiée du 20 juillet 2023 relative à l'obligation scolaire* festgehal. Heibäi ginn ënner anerem de Respekt virun aneren, de Respekt virun der Villfältegkeet vu Meenungen, Iwwerzeegungen a Kulturen esou wéi de Respekt vun de Wäerter vun enger demokratescher Gesellschaft explizit genannt.

D'Wichtegkeet vun der Entwécklung vun de Wäerter spigelt sech och am Plan d'études fir den Enseignement fondamental erëm, dee virgesäit, datt d'Kanner déi Kompetenze mat op de Wee kréien, déi si brauchen, fir hir Konflikter op eng friddlech Aart a Weis ze léisen. Esou gesäit den aktuelle Plan d'études vum Enseignement fondamental am Kader vun den transversale Kompetenzen d'Entwécklung vun den „attitudes relationnelles" vir. D'Zil ass et, datt d'Schüler léieren zesummenzeliewen, deen aneren ze respektéieren, nozelauschteren an ze verhandelen. Theme wéi de Respekt virun anere Mënschen a Konfliktléisung ginn natierlech och am Fach *Vie et société* behandelt.

3. **Wéi ferme gëtt an de Schoulen géint Antisemitismus virgaangen?**
4. **Wäert de Bildungsminister an de Schoulen eng Campagne géint Antisemitismus lancéieren?**

D'Mataarbechter aus mengem Ministère esouwéi d'Personal an de Schoulen huelen all Form vun aggressivem Verhalen ëmmer ganz eescht. Et ass an dësem Kontext virun allem wichteg, eng preventiv a pedagogesch Approche unzehuelen, fir géint Antisemitismus ze agéieren, andeems een d'Verstoe vun Emotiounen, d'Konfliktbewältegung, de Respekt virun Diversitéit an d'Empathie färdert.

Am vum honoréierten Deputéierten ernimmte Fall hunn sech d'Schüler, vun deenen de Sträit ausgaang ass, beim aggresséierte Schüler entschëllegt. Dem aggresséierte Schüler gouf och psychologesch Hëllef ugebueden.

D’Acteure vun der Schoul stinn alle betraffene Schüler an Eltere weiderhi fir Gespréicher oder Hëllefsmoossnamen zur Verfügung.

Beim Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) ass eng schoulintern Formatioun ugefrot ginn, fir all d’Enseignanten aus der betraffener Grondschoul. An dëser Formatioun wäert nach emol spezifesch op méiglech Sensibiliséierungsaktioune fir Schülerinnen a Schüler ronderëm d’Wëllkommenskultur an eng diskriminatiounsfräi Schoul agaange ginn.

Allgemeng ass den ZpB ee vun de wichtegsten Acteure vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, wann et ëm d’Vermëttlung vun demokratesche Valeure geet. An dësem Zesummenhang bitt den ZpB grad am Kontext vun Antisemitismus ëmmer erëm ënnerschiddlech Aktivitéiten, Formatiounsofferen a Publikatiounen un. Dës ginn ënnert anerem alljoers fir de 27. Januar, den *Holocaust Remembrance Day*, verstäerkt un d’Schoule kommunizéiert. Virun dësem Hannergrond ass aktuell keng weider Campagne géint den Antisemitismus virgesinn.

Lëtzebuerg, de 27. Oktober 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH